# Zirkus am Véirelsland

Dat Land vun dem ech iech elo erzielen, ass ronn wéi e Paangech. A well et aus 4 Véierel besteet, heescht et Véierelsland.
An engem Véierel ass alles gréng: d'Haiser, d'Stroossen, d'Autoën, déi Erwuessen an och d'Kanner.
Am zweete Véierel ass alles rout: d'Beem, d'Buedbidden, d'Eisebunn, déi Erwuessen an och d'Kanner.
Am drëtte Véierel ass alles giel: d'Biischten, d'Kliniken, d'Bluummen, déi Erwuessen an och d'Kanner.
Am véierte Véierel ass alles blo: d'Verkéiersluuten, d'Zännbiischten, d'Veloën, déi Erwuessen an och d'Kanner.
Wann d'Kanner op d'Welt kommen, da sinn si faarweg, an dat ass am ganze Land esou. Awer déi grouss Leit kucken si mat hire gréngen, rouden, gielen oder bloen Aen an heemelen si mat hire gréngen, rouden, gielen oder bloen Hänn, bis si endlech och nëmmen nach eng Faarw hun. Déi richteg Faarw. An dat geet meeschtens ganz séier.
Eemol koum a Gréng e klenge Jong op d'Welt, den hun se Ierts genannt. Den Ierts war mat engem Joer nach ëmmer e bësse faarweg, a séng Elteren hun sech Suerge gemaach. Mä no an no huet hien awer nach déi richteg Faarw kritt.
Am Véierelsland brauchen d'Kanner nët an d'Schoul ze goen. Si léieren nëmmen dat Wichtegst.
A Gréng léieren si dass gréng richteg ass, a Rout dass rout richteg ass, a Giel dass giel richteg ass an a Blo dass blo richteg ass.
A Rout kann een iwwerall liesen: "Gréng, giel a blo ass gelunn. Nëmme rout ass wouer." An dobäi spillen se d'Nationallidd, d'Äerdbiergebeeslidd.
A Giel jäitzen d'Lautsprecher: "Rout, blo a gréng sinn domm! A giel bleift giel." Da sangen d'Kanner alleguer den Zitrouneblues.
A Blo steet op de Plakater: „Blo, blo, blo, blo." An ëmmer wann d'Kanner drop kucken, da kribbelt et hinnen a de Féiss an si danzen de Quetschentango.
A Gréng steet e Roboter am Park, dee rifft de ganzen Dag: „Sidd gréng! A wann dir rout, giel oder blo héiert, da gleeft et nët." Eemol hat den Ierts him e Stéck grénge Kéis an de Mond gestach. Do konnt de Roboter dräi Deeg laang nëmme „Piperlapop" soen. Dat hun d'Kanner cool fonnt.
„Gielen Dag," soen d'Kanner a Giel, well giel heescht jo gudd. Da spillen si Melounerullen a loosse Kanarievillecher fléien. Heiandsdo sëtzen si do an dreemen, natiirlech a giel. Si dreeme vu Botterblummen, Postautoën an Aprikosegebees. Awer wann si dann hir giel Aen erëm opmaachen, si se ëmmer e bëssen onzefridden, mä si wëssen nët firwat.
A Rout spillen d'Kanner dat grousst Routspill: si geheien Tomaten an de Sonnenënnergang. A wann et däischter gët an déi rout Luuten an den Haiser brennen, da kucken d'Kanner an sech eran a si fillen sech. An alles wat si fillen ass rout. Dann ass et hinne grad wéi wann eppes géing feelen, awer si schwätzen nët doriwwer.
A Blo spillen d'Kanner esou. E Kand rifft: „Himmel," an déi aaner ruffen dann: „Blo."
„Tënt."-„Blo." – „Vergissmeinnicht:"-„Blo." Bis se midd gin.
A Gréng spillen d'Kanner am léifste Kaktussprangen. Wann do een nët héich genuch spréngt huet e Stachelen am Hënner. Oder si sëtzen sech op e gréngt Glänner a wënschen sech eppes Grénges, z.B. Peffermënzkamellen oder Zalot.
Nëmmen den Ierts bréngt et enges Dags fäerdeg fir sech e roude Punkt ze wënschen. Et ass nëmmen e ganz butzege roude Punkt, awer trotzdem ass et gudd, dass d'Police dat nët wees.

D’Police huet d’Aufgab, all Mueren ëm sechs Auer d’Grenzen zwëschent de Véierel mat Kräid frësch ze molen, fir dass nëmme keng aaner Faarw an d’Véierel erakënnt.
Enges Dags geschitt eppes: et kënnt en Zirkus mat senge Ween an d’Véirelsland gerullt. Si fänken un hiert grousst, faarwegt Zirkuszelt an der Mëtt vum Véirelsland opzeriichten. An dësem Zirkus gëtt et natierlech och e Clown. Deen ass dofir zoustänneg fir Reklamm fir den Zirkus ze maachen. Dofir trëppelt hien duerch d’Véirelsland fir faarweg Ziedelen ze verdeelen an d‘Leit an d’Zirkusshow ze invitéieren. Dobäi fällt dem Clown op, dass an all Véirel eng aner Faarw herrscht. Hie fënnt dat nët immens schéin. Wéi de Clown beim Ierz laanscht kënnt, freet hien „so wat ass dat hei da fir e komescht Land? Hei ass et jo mega langweileg, bei dir ass alles gréng, dohannen ass alles roud, bei deenen aneren ass alles giel an déi dohanne si ganz blo… firwat ass dat esou?“
Den Ierz weess him dorop leider selwer nët ze äntweren. Hie seet „ech wees nët firwat ech muss gréng liewen, an deen aneren dierf blo liewen. Ech fannen dat och traureg, mee et ass leider verbueden fir eng aner Faarw ze hunn“. De Clown huet eng Iddi. Hie freet den Ierz, ob hien him hëlleft fir weider Reklamm fir den Zirkus ze maachen, fir dass souvill wéi méiglech Kanner mat hieren Elteren an den Zirkus kommen.
Deen anere Nomëtten ass et esouwäit. Am Zirkus sinn den Direkter, d’Akrobaten, den Zauberer an besonneg de Clown scho ganz opgereegt. All d‘Leit aus dem Véirelsland sinm an den Zirkus komm. Awer si sëtzen natierlech jiddereen a sengem Véirel vum Zelt. Déi blo bei deene bloen, déi giel bei deene gielen asw. D’Show fänkt un an d’Leit staunen iwwer déi vill Tricker vun de Kënschtler. Zum Schluss huet de Clown säi groussen Optrëtt. Den Orchester spillt eng ganz lëschteg Musek. De Clown jongléiert mat 3 Bäll, da mat 4, 5 a 6 Bäll gläichzäiteg. Et si ganz faarweg Bäll. De Leit gëtt et scho bal dronke beim nokucken. Do knuppt et an et flitt faarwege Konfetti duerch dat ganzt Zirkuszelt. Et fléie faarweg Loftbäll ronderëm.
Déi Erwuesse kréien et mat der Angscht ze dinn, well giele, rouden a grénge Konfetti op déi Blo fällt. Mee d’Kanner sinn hell ewech begeeschtert vun deem grousse Faarwespill am Zirkuszelt. Si stinn op a lafe bei de Clown an d’Manege, fänken de Konfetti op a schéisse sech d’Loftbäll hin an hier. Si laachen a paaken sech géigesäiteg un: déi gréng di giel, déi giel di blo, déi blo di rout, déi gréng di blo, an ëmmer esou weider, bis jidderee jiddereen ugepaakt huet. Fir d’éischt mierken si nach näischt. Si fänken u mateneen ze spillen an ze danzen a si vergiessen, wat de Lautsprecher, d’Plakater, de Roboter an déi Erwuesse gesot hunn. Lues a lues ginn d’Kanner faarweg. A well elo all Kand all Faarw huet, kann och jiddereent an all Faarw denken, fillen, dreemen a wënschen. An all Kand kann dat aanert verstoen.
Ni virdrun haten d’Kanner esou vill Freed. An d’Liewe war nach ni esou schéin.